



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéierte Chamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 12/12/2019

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Op der Antenne vum RTL-Radio huet de Chef d'État Major vun der lëtzebuerger Armée uklénge gelooss, datt vum nächste Joer un wäert en neien « Procédé de sélection » agefouert ginn. Déi interesséiert Kandidatinnen a Kandidaten kënnen deemno an Zukunft selwer decidéiere, wéini si an d' „Musterung“ bei d'Armée ginn. Zousätzlech sollen déi schrëftlech Tester fir de Rekrutement definitiv ofgeschaaft ginn an di iwwreg Epreuven duerch d'Méiglechkeet vun enger zweeter Chance erweidert ginn. Bis well war et fir de „Soldat-volontaire“, deen sech „um Bierg“ wollt mellen esou, datt en huet missen Tester maachen an den dräi administrative Sproochen an an der Arithmetik.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt d'lëtzebuerger Armée e Nowuessproblem huet? Wa jo, u wat läit dat senger Meenung no?
2. Wéi wëll de Minister dem Fait entgéint wierken, datt d'Armée den Ament de Jonke keng sécher Aarbechtsplaz méi no hirer Lafbunn bei der Armée bidden kann, sou wéi dat fréier de Fall war?
3. Här Minister, kënnt dir confirméieren, datt d'schrëftlech Tester fir d'Rekrutinnen an d'Rekruten ofgeschaaft goufen? Falls jo, firwat?
4. Kéint Dir eis Statistike liwweren, iwwert déi läscht fënnef Joer gekuckt, wéi vill Kandidatinnen a Kandidaten, opgeschlëselt op déi verschidden Disciplinnen, d'schrëftlech Tester gepackt, respektiv net gepackt hunn?
5. Här Minister, mat wéi engem schouleschen Niveau waren d'Rekrutementsufuerderungen bis elo vergläichbar?
6. Här Minister, kënnt d'Erofschrauwe vun de Mindestufuerderungen ärer Meenung no der Qualitéit vun der Ausbildung vun den Zaldoten an letztendlech och der Qualitéit vun der lëtzebuerger Armée zegutt?
7. Här Minister, sidd dir net der Meenung, datt d'Attraktivitéit vun der lëtzebuerger Armée misst iwwert aner Weeër verbessert ginn, wéi eenzeg an eleng iwwert d'Erofschrauwe vun de Rekrutementsufuerderungen?
8. Ginn et Méiglechkeete, fir jonk Zaldotinnen an Zaldoten, fir während enger gewëssen Zäit, een Openhalt an enger anerer europäescher Arméistruktur (Schoul, Asaz, etc.) ze maachen?
9. Wéi eng Mesuren goufen an de leschten Joren an der lëtzebuerger Armée geholl, fir



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

transgender Zaldotinnen an Zaldoten virun Diskriminéierung ze schützen? Goufen et säitens dem Ministère Sensibiliséierungscampagnë, fir Diskriminatioun an deem Kontext entgéint ze wierken?

10. Här Minister, ass et aktuell virgesinn, nei Weeër an der Rekrutementsprozedur ze gben, wéi beispillsweis d'aktiivt Promouvéiere vum Rekrutement vu Fraen?
11. Wat ass aktuell d'Geschlechterverdeelung an der lëtzebuerger Arméi?
12. Här Minister, wéi sti Dir zu enger europäescher Arméi?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff  
Service des séances plénières et  
secrétariat général  
Tél : 466.966.223  
Fax : 466.966.210  
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Luxembourg

Luxembourg, le 12 décembre 2019

Objet : Question parlementaire n° 1601 du 12.12.2019 de Monsieur le Député Marc Goergen -  
Recrutement auprès de l'armée luxembourgeoise

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen  
Président de la Chambre des Députés